# Referendum vum 23. November 2025

## Opruff a Modalitéite fir d'Ofstëmmung

Dir Dammen, Dir Hären,

Den 23. November 2025 gëtt an der Gemeng Ierpeldeng-Sauer ee **Referendum** ofgehalen.

D' Wielerinnen an d' Wieler sinn opgeruff iwwert follgend Fro ofzestëmmen: « Ënnerstëtzt Dir d'Decisioun vum Ierpeldenger Gemengerot, d'Sondéierungs-gespréicher fir eng eventuell Fusioun mat de Gemengen Dikrich, Ettelbréck a Schieren weiderzeféieren? ».

Een Informatiounsblat mat Detailer iwwert d'Fro gëtt Enn Oktober un all Wieler verschéckt.

D'Participatioun un dësem Referendum ass **obligatoresch** fir:

- **lëtzebuergesch Staatsbierger**, déi op de **Wielerlëschten** ageschriwwe sinn;
- **auslännesch Staatsbierger**, déi op de **Wielerlëschte** fir d'Gemengewalen ageschriwwe sinn.

Wann Dir **den 23. November 2025 net** perséinlech kënnt ofstëmmen, sollt Dir Iech entweder schrëftlech entschëllegen oder d'**Bréifwal** ufroen.

D'Ufro fir d'Bréifwal muss schrëftlech **per Post oder elektronesch** agereecht gi bis **spéitstens**:

- **de 14. Oktober 2025** fir Ufroen, déi **aus dem Ausland** agereecht ginn;
- **den 29. Oktober 2025** fir Ufroen, déi **zu Lëtzebuerg** agereecht ginn.

D'Wieler kënnen d'Bréifwal iwwert dräi Weeër ufroen:

1. online iwwert www.myguichet.lu
2. per Formulaire iwwert https://erpeldange.lu/referendum-2025
3. per Formulaire dat Dir a Papeierform um Populatiounsbureau kritt.

Weider praktesch Informatioune wéi de Formulaire, néideg Dokumenter oder Aschreiwungsfriste fannt Dir op eiser Internetsäit:
www.erpeldange.lu /referendum-2025.

Mir soen Iech Merci fir Är Participatioun un dëser Ofstëmmung a stinn Iech gäre fir all Froen zur Verfügung.

Mat frëndleche Gréiss.

De Schäfferot

Version française